ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

n° 3682

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Mamer, de 19. Februar 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng Fro vum 12. Januar 2021 präziséiert den Här Policeminister, datt an de Méint November an Dezember 2020 42 Iwwerfäll um Territoire vun der Gemeng Lëtzebuerg gemellt gi sinn.

Et fält awer an deem Kontext op, datt just en Deel vun dësen Iwwerfäll vun der Police no baussen un d'Bierger an un d'Press kommunizéiert ginn.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Minister:

1. Wéi vill vun deenen 42 Iwwerfäll si vun der Police per Matdeelung op hirer Internetsäit, iwwer d'Press oder eventuell nach op anere Plattforme veröffentlecht ginn?
2. Firwat gëtt nëmmen en Deel veröffentlecht an net déi gesamt Informatiounen?
3. Am September 2017 hat den Bausseminister Jean Asselborn am Kontext vun enger Policeaktioun op RTL Tëlee gesot: "Déi staatlech Servicer sollten eventuell och an Zukunft besser oppasse mat der Kommunikatioun, fir d'Populatioun net onnéideg opzereegen." Ass de Policeminister och der Meenung, datt d'Kommunikatioun vun all den Iwwerfäll (eleng an der Stad sinn et der fir den genannten Zäitpunkt fënnef pro Woch) kéint fir onnéideg Opreegung suergen?
4. No wéi enge Critèrë gëtt decidéiert, wéi eng Iwwerfäll veröffentlecht ginn a wéi eng net?
5. Wier et net am Sënn vun der Transparenz an dem Respekt vun der Wouerecht, wann all Iwwerfäll géifen no baussen (un d'Press an d'Bierger) kommunizéiert ginn?
6. Bei wéi vill vun deenen 42 Iwwerfäll konnt bis elo den Täter oder en presuméierten Täter ermëttelt ginn?
7. Gëtt am Fall, wou en Täter réischt méi spéit no senger Dot ermëttelt gëtt, dëst no bausse kommunizéiert an /oder un d'Press weidergeleet?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 + 352) 463742**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 22 février 2021

Objet : Question parlementaire n° 3682 du 19.02.2021 de Monsieur le Député Fred Keup - Communication de la Police grand-ducale

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés